

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. September 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Sou wéi et mir zougedroe gouf, riskéiere Leit, déi aktuell aus dem Vereenegte Kinnekräich op Lëtzebuerg wëllen areesen, datt hinnen den Zougang zum Fliger verweigert gëtt, och wann si geimpft oder geheelt sinn, well Lëtzebuerg kee brittesche COVID-Zertifikat akzeptéiert.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Wéi eng Pabeiere mussen Leit aus Drëttlänner am Bezuch op de COVID-19 virweisen, wann si op Lëtzebuerg wëllen areesen? Wéi wäit kënnen Reesender a sou engem Fall op de klassischen Impfpass vun der WHO zeréckgräifen?
- 2) Applizéiert Lëtzebuerg fir déi eenzel Drëttstaaten jee weils eng entspreichend bilateral oder eng standardiséiert Prozedur? Falls ënnerschiddlech Modalitéiten applizéiert ginn, kann d'Regierung dann déi genee Reesbestëmmungen fir d'Vereenegt Kinnekräich elaboréieren? Wou kënnen d'Leit sech iwwert déi entspreichend Dispositiounen informéieren?
- 3) Entsprécht déi lëtzebuergesch Virgoensweis vis-à-vis vum Vereenegte Kinnekräich enger Standardprozedur op EU-Niveau?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten